1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Neen, Här President, zu dësem Moment net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da soen ech dem Här Innenminister Merci a mir géifen direkt zum normalen Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6915 betreffend d'Établissements classés. D'Wuert huet elo d'Madamm Rapporteur vum Projet, d'Madamm Taina Bofferding. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

2. 6915 - Projet de loi concernant la maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant des substances dangereuses et portant modification de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Mme Taina Bofferding *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen Iech dann elo de Rapport vum Projet de loi 6915, och ënnert dem Numm „Seveso III" bekannt. Et ass virop e ganz technesche Projet, awer och en enorm wichtegen, well et geet ëm de Schutz vun der Gesondheet vun de Leit an et geet och ëm de Schutz vun der Ëmwelt. Méi genau geet et ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert d'Maîtrise vu Geforen am Zesummenhang mat gréisseren Accidenter mat geféierleche Substanzen. Éier ech elo op d'Beweeggrënn aginn, firwat dës Direktiv elo muss mat engem Gesetz ëmgesat ginn an net als Reglement, wëll ech kuerz erklären, wat iwwerhaapt den Objet vun esou Seveso-Richtlinnen ass.

D'Seveso-Direktive sinn dat europäescht Instrument fir eng eenheetlech juristesch Regelung zur Vermeidung vu Stéierfäll an Industrieanlagen, déi mat geféierleche Stoffer ëmginn. Si verfolgen d'Zil, schwéier Accidenter mat gréissere Quantitéite vu geféierleche Stoffer respektiv vum Mësche vu solchen ze evitéieren oder zumindest d'Suitte vun esou Accidenter fir de Mënsch an d'Ëmwelt ze reduzéieren.

Ongeféier 10.000 Betriber an Europa gi vun der Seveso-Gesetzgebung erfaasst. Fir Lëtzebuerg sinn et der 19.

Eng kuerz Erklärung awer vläicht nach, firwat et iwwerhaapt zu Seveso III komm ass. 2008 gouf eng ëmfaassend Iwwerpréiwung vun der Richtlinn Seveso II gemaach. Dorauser geet ervir, dass d'Regelungen am Wesentlechen effikass an appropriéiert sinn. Duerfir koum et och net zu gréisseren Änderungen, mä zu Upassungen, fir Kloerstellungen ze maachen an d'Ëmsetzung an d'Duerchsetzung dovunner ze verbesseren.

Dës Elementer fanne sech och an de Grënn erëm, firwat d'Direktiv duerch e Gesetz elo muss ëmgesat ginn an net méi als Reglement. Fir ganz genau ze sinn, sinn et dräi Grënn, déi dozou gefouert hunn:

Éischtens wéinst der Gesondheet vun der Ëffentlechkeet. Bis elo sinn d'Bestëmmungen an d'Direktiven an dësem Beräich iwwer e Reglement ëmgesat ginn op Basis vum Gesetz iwwert d'Établissements classés vun '99. D'Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, geet awer méi wäit. Si huet zum Zil, d'Konsequenzen op déi mënschlech Gesondheet ze limitéieren. A well d'Gesondheet vun de Salariéen an och d'Gesondheet insgesamt vun der Ëffentlechkeet net ënnert d'Gesetzgebung vun den Établissements classés fält, muss duerfir en eegent Gesetz gemaach ginn, fir dës Direktiv da korrekt kënnen ëmzesetzen.

En zweete Grond ass wéinst der Dispens a Saachen Établissements classés. D'Gesetz vun '99 iwwert d'Evaluatioun vun den Aflëss vu bestëmmten Transporter betreffend d'Schinnen an de Fluch op déi mënschlech an déi natierlech Ëmwelt, kuerz d'Legislatioun „EIE Transport", gesäit fir verschidden Etablissementer Dispense vun der Gesetzgebung iwwert d'Établissements classés vir. Déi falen deemno net ënner Seveso a brauchen duerfir och kee Kommodo.

Ech versichen dat Ganzt, wat awer relativ technesch ass, da mat engem méi aktuelle Beispill ze illustréieren, dem Site Multimodal zu Beetebuerg, engem Fall, deen direkt dovunner betraff ass. Wann näämlech d'Seveso-Direktiv III duerch e Reglement géif ëmgesat ginn opgrond vum Gesetz iwwert d'Établissements classés, da géifen dës Projeten, déi um Site Multimodal zu Beetebuerg drunhänken, net ënnert d'Applikatioun vun der Seveso-III-Direktiv falen an domadder wär déi dann och net richteg ëmgesat.

Mat anere Wierder: Dëse Projet de loi suergt fir déi getrei Ëmsetzung vun der Richtlinn, wat bedeit, dass an Zukunft den Transport, den Triage an de Stockage intermédiaire net ënner Seveso an de Kommodo falen, dergéint awer de Stockage long terme, wat jo dann och eng gutt Saach ass.

Et sief och drop higewisen, dass opgrond vun dësem Projet de loi d'ITM wäert kënnen dem Site zu Beetebuerg déi néideg Autorisatiounen ausstelle fir de kuerzfristege Stockage an d'Ëmluede vu geféierleche Substanzen, déi dann och besser a méi sécher op de Schinnen transportéiert kënne gi wéi op der Strooss.

En drëtte Grond, firwat d'Direktiv Seveso III duerch e Gesetz an net als e Reglement kann ëmgesat ginn, ass wéinst der neier ëffentlecher Consultatioun. D'Legislatioun iwwert d'Établissements publics gesäit eng Consultatiounsprozedur fir d'Etablissementer vun der Klass 1 an der Klass 2 vir. Laut der neier Direktiv Seveso muss eng ëffentlech Consultatioun gemaach gi fir all Amenagement ronderëm d'Seveso-Etablissementer, wann déi d'Risiken oder d'Konsequenze vun engem gréisseren Accident erhéijen, dat awer onofhängeg dovun, zu wéi enger Klass se geféieren, an onofhängeg vum Gesetz iwwert d'Établissements classés.

Wann een also d'Direktiv Seveso III iwwer e Reglement op Basis vum Gesetz iwwert d'Établissements classés géif ëmsetzen, géifen déi zwee am Widdersproch zuenee stoen, wat natierlech net dierft sinn. Fir dat ze evitéieren, gëtt d'Direktiv, wéi schonns e puermol gesot, iwwer en eegent Gesetz ëmgesat, mat deem dann och déi nei ëffentlech Consultatioun kann agefouert ginn.

Der Einfachheet halber sinn d'Prozeduren awer vu béide Consultatiounen déiselwecht, souwuel fir d'Établissements classés Klass 1 an 2 wéi och fir déi nei Consultatioun, déi mer jo elo domadder aféieren. Si kënnen deemno gläichzäiteg an an enger eenzeger Prozedur ofgehale ginn, wouduerch dann och fir den Exploitant nach kënne Käschte gespuert ginn.

Här President, wat déi legislativ Prozedur vum Projet de loi betrëfft, wëll ech drop hiweisen, dass de Statsrot 20 Opposition-formellen a sengem Avis opgelëscht hat. Déi konnte mer awer duerch eis Aarbecht an der zoustänneger Chamberskommissioun behiewen, an dat zesumme mat de Vertrieder vun de Ministèren an dem Sekretariat, deenen ech op dëser Plaz nach e grousse Merci wëll soe fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Zum Schluss wëll ech awer och nach erwänen, dass mer jo bekanntlech e grousse Retard bei der Transpositioun vun dëser Direktiv hunn. Mam Vott vun haut wäerte mer dëse Problem domadder léisen, wat awer sécherlech net verhënnert, sech nach fir d'Zukunft Gedanken iwwert d'Propos vum Statsrot ze maachen, fir eben e prozeduraalt Gesetz auszeschaffen, an deem all d'Prozeduren a Saache Seveso dee Moment dra wären.

Weider Detailer zu dësem ganz spannende Projet fannt Der a mengem schrëftleche Rapport. Dëst gesot, ginn ech dann direkt domadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo den Här Félix Eischen.

Discussion générale

M. Félix Eischen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut e ganz wichtegen a komplexe Projet, e Projet, deen op der sougenannter „Seveso-III-Direktiv" fousst, déi bis den 31. Mee 2015 hätt sollen transposéiert sinn. Et geet ëm geféierlech Substanzen, déi sech ënnert der Kontroll vun engem Betrib befannen an déi am Fall vun engem Feier, enger Explosioun oder äänlechen Evenementer Gefore fir Mënsch an Ëmwelt kënnen duerstellen.

Mat dësem Gesetzesprojet soll de legale Kader gestäerkt ginn, fir Mënsch an Ëmwelt viru gréisseren Accidenter besser ze beschützen. Op präventivem Plang bedeit dat, äänlech wéi dat de Fall bei den Établissements classés ass, dass déi betraffe Betriber ënner anerem iwwer eng Autorisatioun vun ëffentlecher Säit verfüge mussen an am Virfeld eng ganz Partie Informatiounen, zum Beispill iwwert d'Plaz, d'Natur vun den Aktivitéiten, déi projetéiert Quantitéiten u geféierleche Substanzen et cetera kommunizéiere mussen. Am Virfeld musse se och virdrun a virun allem e sougenannten „risk assessment" maachen. Och de breede Public also gëtt iwwer eng ëffentlech Enquête, äänlech wéi bei enger Kommodo-Inkommodo-Prozedur, mat an dëse Prozess agebonnen.

De Betrib muss sech och eng Politik ginn, wéi gréisser Accidenter sollen a kënne verhënnert ginn. Anescht wéi dat bei den Établissements classés virgesinn ass, sinn déi eenzel Betriber gehalen, intern Noutfallpläng auszeschaffen. Et ass also net de Minister, dee le cas échéant esou Pläng ka virschreiwen. All dës präventiv Mesurë sollen am Endeffekt derfir suergen, dass et net zu Accidenter kënnt, an am Noutfall hëllefen, d'Konsequenze vun engem awer méiglechen Accident besser ze geréiere respektiv ze limitéieren.

Mir als CSV, Dir Dammen an Dir Hären, mir begréissen dat. Ech hunn et awer och uganks gesot, mir transposéieren d'Seveso-Direktiv mat engem Retard vu bal zwee Joer. Mir geet et hei och elo net drëms, fir iergendengem Reprochen ze maachen. De Projet koum am November 2015 an d'Chamber an de Statsrot hat och eng ganz Partie juristesch Bedenken. D'Fro, wou den Dossier am Endeffekt ze laang geschleeft huet respektiv ob den Dossier vun Ufank un och uerdentlech preparéiert gouf, ass am Endeffekt och niewesächlech. Et ass awer elo esou, dass déi verspéiten Transpositioun Ongereimtheete mat sech bréngt.

Sou steet zum Beispill am Artikel 12 vun der Direktiv, wou et ëm d'Noutfallpläng geet, dass besteeënd Etablissementer „seuil haut", dat heescht Betriber, wou geféierlech Substanzen iwwer engem gewëssene Mooss virkommen, bis den 1. Juni 2016 en internen Noutfallplang missten opgestallt hunn. An der Gesetzesvirlag, déi mer awer elo haut stëmmen, steet awer am Artikel 20, dass sech déi Betriber eréischt ee Joer nom Akraafttriede vun dësem Gesetz missten un dës Bestëmmungen halen. Viraussiichtlech gëtt dat also dann Enn Mäerz, uganks Abrëll 2018, dat heescht bal zwee Joer méi spéit. Dat kann duerchaus problematesch si fir déi Leit, déi an esou engem Betrib schaffen! Si wëssen net, wéi se sech am Noutfall eventuell missten oder solle verhalen. De Risiko ass op jidde Fall emol ginn.

Déi virgenannt Delaie spillen awer net nëmmen, wat déi intern Noutfallpläng vun de Betriber ugeet, si spillen och, wat d'Informatiounsflichten ugeet, déi de Betrib vis-à-vis vun ëffentlechen Autoritéiten huet. An dat kéint och Repercussiounen op d'Ausschaffe vun externen Noutfallpläng hunn. Dës Pläng mussen näämlech vun der Verwaltung vum Rettungswiesen, also der Administratioun vun de Services de secours, op Basis ebe grad vun dësen Informatiounen opgestallt ginn. Dee Retard kéint also negativ Repercussiounen net nëmmen op d'Leit am Betrib hunn, mä och op d'Gestioun vun enger méiglecher Krisesituatioun.

Ëmmerhi si plus/minus 19 Betriber, esou steet et am Rapport vun der Rapportrice, méi oder manner vun den neie gesetzleche Regelunge betraff. Ech wier frou, wann de Minister eis eventuell heizou e puer zousätzlech Informatioune kéint ginn. Sinn d'Betriber eventuell scho konform? À voir!

Här President, d'Schwieregkeete bei der Ëmsetzung vun der Direktiv an hirer Artikulatioun mat der Legislatioun iwwert d'Établissements classés goufen zwar erkannt, an awer muss ee soen, dass d'Gesetz sécher net perfekt, mä perfektibel ass, sprëch et ass nach e bësselche Loft no uewen. Well och wann de Versuch gestart gouf, fir d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur mat där neier Seveso-Prozedur ofzestëmmen, esou muss een awer feststellen, dass dat Ganzt elo net immens gegléckt ass. Dat eigentlecht Zil war jo, derfir ze suergen, dass déi betraffe Betriber d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur zäitgläich mat der Seveso-III-Prozedur gestart hätten an am beschte Fall dann och zum Ofschloss bruecht hätten. Do ginn et awer elo Differenzen an den Delaien.

Mir sinn awer weider gudder Déng, dass de Minister eis herno eventuell soe wäert, wéi een dës zousätzlech Chargen, déi eventuell op d'Betriber an Zukunft kënnen duerkommen, minimiséiere kéint.

De Statsrot huet a sengem Avis eng eenzeg Loi de procédure gefuerdert, a mir wiere frou, wann de Minister seng Iddie kéint soen, iwwer wéi eng Zäitschinn dëst Gesetz dann eventuell op den Instanzewee kéint geschéckt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz eleng ass et awer nach net gedoen, et kënnt elo op d'Ëmsetzung an d'Uwendung vun dësem Gesetz un. Hei sinn net nëmmen d'Betriber gefuerdert, mä och de Stat ass gefrot. A mir hate schonn d'Geleeënheet, virun e puer Wochen iwwert d'ITM an hir Personaldecken ze schwätzen. Mat dësem Gesetz kommen op en Neits ganz wichteg an zousätzlech Missiounen op d'ITM duer. Et stellt sech also d'Fro, ob d'ITM och outilléiert ass, fir dëse supplementaren Aufgabe gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann ofschléissend och den Accord vun der CSV zu dësem Gesetzesprojet ginn. Et ass fir eis wichteg, dass d'Seveso-III-Direktiv a Lëtzebuerger Recht ëmgewandelt gëtt, am Interessi vum Mënsch an och vun der Ëmwelt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, wëll et awer net verpassen, der Rapportrice och nach Merci ze soe fir hire Rapport.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Eischen. Den Här Claude Lamberty huet d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Här President, ech mengen, de Mëtten hu mer gewise kritt, dass een en technesch komplexe Projet ganz einfach a gutt kann erkläert kréien. Duerfir wëll ech der Rapportrice Merci soen an heimat den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Lamberty. An d'Wuert huet elo den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech géif mech och deene Mercien uschléissen un d'Rapportrice, déi dat ganz gutt gemaach huet. Vu dass der grénger Fraktioun natierlech Natur an Ëmwelt respektiv de Schutz vun de Mënschen och um Häerz leien, wäerte mir dëst Gesetz och stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d'Regierung d'Wuert, den Här Innenminister Dan Kersch a Vertriedung vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur (en remplacement de M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire).*- Merci, Här President. Fir d'Éischt emol e Merci fir dat grousst Vertrauen och vun der Chamber hei fir dëse Projet. Ech wollt just soen, dass et eng Direktiv ass jo vun 2012, un där sech déi verschidden Administratiounen e bëssen d'Auer gebrach hunn. Dat ginn ech ganz gären zou. Et ass effektiv net einfach hei. Engersäits hu mer traditionell déi Administratiounen, déi sech och ëm d'Kommodosgesetz këmmeren, wéi d'ITM an och d'Administration de l'environnement. Allerdéngs waren nach eng ganz Rei vun aneren Administratiounen un dësem Projet de loi bedeelegt an et hu missen eng ganz Rei vu Concertatioune gemaach ginn.

Et ass och net gradesou einfach, wéi dat elo ee Moment hei ugedeit ginn ass, fir dat alles an engem Gesetz ënnerzebréngen. Dat war en Zil, sollt och nach en Zil sinn am Kader vun der administrativer Vereinfachung. Et muss een allerdéngs wëssen, dass nieft deenen traditionelle Gebidder vun der ITM an dem Environnement, wou et also drëms geet, d'Santé au travail ze garantéieren an anerersäits d'Protection de l'environnement ze garantéieren, et hei och ganz kloer ëm d'Santé vum Public geet.

Dat ass also en neit Element, wat derbäikënnt, wat muss berücksichtegt ginn. Et geet virun allem och drëms, fir d'Rechter vum Bierger och an Zukunft ze garantéieren an där ganzer Prozedur, déi mer hunn. An duerfir ass et och, mengen ech, ubruecht, fir an dësem Kontext ganz kloer eng Kéier ze soen, dass mer also méi wäit gi wéi dat, wat d'Direktiv vun eis verlaangt, wat d'Bedeelegung vum Bierger ugeet, näämlech doduerch, dass mer keen Ënnerscheed maachen tëschent Seuil bas a Seuil haut, wat also dem Bierger méi Matsproocherechter garantéiert, wéi mer dat u sech vun der Direktiv aus hätte misse maachen.

Duerfir mengen ech, dass dat heiten e ganz gudde Projet de loi ass, an duerfir sinn ech och frou, dass et sech undeit, dass d'Chamber deem mat enger grousser Majoritéit kéint zoustëmmen. E grousse Merci och un d'Rapportrice, déi mir et wesentlech méi einfach gemaach huet, hei Stellung ze huelen am Numm vum Aarbechtsminister.

Merci villmools!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Innenminister. A mir kënnen dann direkt zum Vott iwwert de Projet 6915 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6915 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6915 ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6915 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot (par M. Marc Angel), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech wollt d'Chamber froen, ob se bereet ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen nächste Punkt vun der Dagesuerdnung gesäit d'Deklaratioun vum Premier- a Kommunikatiounsminister Xavier Bettel iwwert d'Konventioun vum Stat mat der CLT-UFA vir. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt. An Dir wësst, dass d'Conférence des Présidents festgehalen huet, dass all Fraktioun a Sensibilitéit zéng Minutten huet.

D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister.

3. Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias, au sujet de la convention portant sur la prestation du service public luxembourgeois avec CLT-UFA et RTL Group, suivie d'un débat

Déclaration

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu gefrot, fir haut eng Deklaratioun hei an der Chamber dierfen ze maachen iwwer eis Verhandlunge mat der CLT-UFA respektiv mam RTL Group, wat d'Verlängerung vun den Accorde betrëfft iwwert d'Prestatioun vun engem Service public an der Televisioun.

Den aktuellen Accord geet zréck op 1995 a gouf fir d'Lescht 2007 verlängert an ass gülteg bis Enn 2020. Et ass haut fir d'éischte Kéier, dass am Kader och vun esou Verhandlungen hei an der Chamber en Debat doriwwer ka stattfannen. An et ass och fir d'éischte Kéier, Här President, wou d'Chamber an och nach aner Akteuren an déi Negociatioun hei konnte matagebonne ginn. D'Regierung hält et och fir richteg a wichteg, dass mer dës Diskussioun oppen an och transparent féieren, well et geet hei ëm en ëffentlech-rechtlechen Optrag, also en Déngscht um Bierger, deen och mat ëffentleche Sue finanzéiert gëtt.

Ier ech awer elo an den Detail vun de Verhandlunge wäert agoen, wëll ech e puer Informatioune virausschécken, déi mer wichteg schéngen, fir de Kontext och méi kënne kloerzestellen.

Ganz am Ufank vun deem Prozess, wou mer a Verhandlungen och mat RTL gaange sinn, stoung d'Fro vun der Opportunitéit, eng national Tëleeschaîne ze finanzéieren. Déi Fro huet d'Regierung kloer mat Jo beäntwert, well d'Televisioun ëmmer nach eng ganz grouss Audience bei eis am Land huet. Laut där neister Plurimedia-Etüd kucken all Dag iwwer 146.000 Leit näämlech dee Programm hei zu Lëtzebuerg. Et ass an eisen Ae wichteg am Sënn och vun enger Medienpluralitéit an och am Gedanke vun enger sougenannter „Grundversorgung" am audiovisuelle Beräich, dass et och hei zu Lëtzebuerg eng national Televisioun gëtt.

Mir hunn och ganz am Ufank vun den Negociatiounen awer festgehalen, dass mer souwuel de Prozess vun de Verhandlunge wëllen aneschters gestalten, d'Konditiounen dovunner, an dass mer Ufuerderunge stellen, déi een als Conditio sine qua non och kéint bezeechnen. Sou hu mer vun Ufank u gesot, dass een hei e Kontrakt wéilt verhandelen, deen ëffentlech soll sinn an net an enger Black Box soll stattfannen.

Dann hu mer festgehalen, dass mer eis en eegent Bild wëllen och maachen iwwert de Fonctionnement, d'Käschtestruktur oder d'Gerance zum Beispill och vun der Entreprise, déi hei en ëffentlech-rechtlechen Optrag kritt. Duerfir gouf en externe Consultant an och en Auditeur beoptragt, fir eis bei dësem Prozess och kënnen ze begleeden.

Mir hu gesot, dass mer eng Verbesserung an och méi Efforte bei der Qualitéit verlaangen, also eng verbessert Mise en œuvre vun der Charte, un déi d'Journaliste sech hale mussen, a méi Präzisioun och zum Programm an dem Suivi.

Wat dernieft wichteg ass am Virfeld ze soen, ass, dass mer hei och an enger anerer Situatioun si wéi bei viregte Verhandlungen iwwert den Accord mat RTL. An der Vergaangenheet näämlech gouf et keen direkten Impakt jo op de Statsbudget. Dir wësst jo, well et do eng Zort Echange ginn ass tëschent RTL an dem Stat mat de Frequenzen, an dat huet deemools erlaabt, eng Tëlee..., et wor wéi gesot eng Zort Echange, deen erlaabt huet, RTL eng Tëlee mat enger Mission de service public ze offréieren, ouni dass et, wéi gesot, do an de Statsbudget grefféiert ginn ass.

Dee Modell konnt awer esou net méi weidergefouert ginn, well, sou wéi ech virdru gesot hunn, de Wäert vun den terrestresche Frequenzen net méi deen ass, deen e virun zéng, fofzéng oder souguer virun e puer Joer nach war. An d'Käschte vun de Frequenze si massiv erofgaangen a wäerten och nach massiv erofgoen, wa se net bis och eng Kéier carrément hire ganze Wäert verléieren an och hir Utilitéit.

Mir hunn och scho ganz fréi festgehalen, dass an dëser Konventioun de Finanzement net soll op zéng, fofzéng, zwanzeg Joer gemaach ginn, mä e soll sech jo op dräi Joer beschränken. D'Regierung ass näämlech och der Meenung, dass ee bei engem Medium, wat sech - an dat kënne mer alleguerte feststellen - esou rasant entwéckelt, net kann Engagementer bis 2030 huelen, mä wéi gesot bis 2023.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, just fir lech de Kontext och ze zeechnen, dee mir als Virgab ginn hunn, ier mer an d'Verhandlunge gaange sinn. Duerfir ginn ech och elo op e puer Punkte méi am Detail an.

D'Relatiounen zum Beispill tëschent CLT-UFA op där enger an dem Stat op där anerer Säit ginn am Detail geregelt. Eng Konventioun, déi Der och alleguerte kritt hutt, also zur Verfügung gestallt kritt hutt, souwéi och déi extern Avisen zu verschiddene juristesche Froe woren och à disposition. Wann Der dat hei Dokument, also d'Konventioun, duerchgaange sidd, stellt Der fest, dass och rieds geet justement vun Elementer vun engem Service public fir de Radio. Dat wëllt net heeschen, dass en zweeten ëffentleche Radio geschafe gëtt. Dat hat och fir Froen an der Mediekommissioun gesuergt an duerfir wëll ech och hei e puer Erklärungen dozou ginn.

Mir hunn en Deel iwwert de Radio an der Konventioun näämlech fundamental geännert an deem ugepasst, wéi et sech och schonn haut am Fong an der Realitéit applizéiert. RTL Radio Lëtzebuerg ass keen ëffentlech-rechtleche Radio a soll dat och net ginn. Allerdéngs profitéiert dës Chaîne vun zwou nationale Frequenzen an huet duerfir och an hirer Permissioun verschidde Konditiounen drastoen, déi se muss och erfëllen. Dozou gehéiert zum Beispill d'Diffusioun vun nationalen Evenementer an och d'Obligatioun vun Noriichten ze hunn. Also et dierft kee pure Museksender zum Beispill sinn.

Déi Permissioun fir de Radio gëtt iwwregens fir zéng Joer och verlängert. Den Ënnerscheed, deen et gëtt tëschent deem, wat de Radio muss anhalen, an der Mission de service public vun der Tëlee, ass elo méi kloer an ass och an der Konventioun gezeechent.

Da gesitt Der och am Text e Kapitel iwwert d'Qualitéit. Et war der Regierung ganz wichteg, dass eng Tëleeschaîne, déi en ëffentlech-rechtlechen Optrag kritt, och den héchste Standarde vu Qualitéitsjournalismus gerecht gëtt. Mir hunn dat ganz laang mat hinnen diskutéiert. An ech brauch lech net ze verstoppen, dass d'Evenementer ronderëm déi sougenannten „Affär Lunghi" och an deem Kontext diskutéiert goufen, well déi Diskussioun ass matzen an eis Gespréicher mam Grupp och nach gefall. Déi Gespréicher waren awer net schwéier. Am Contraire! De Wëlle war op béide Säiten do, fir alles ze maachen, fir d'Qualitéit weider ze garantéieren an do nach ze verbesseren, wou Verbesserungen och méiglech sinn.

D'Regelen, déi elo am Text stinn, decke sech mat grondsätzlechen deontologesche Prinzipien a ginn awer ergänzt duerch nei Elementer, déi eng gewësse Responsabiliséierung och mat garantéieren. Esou ass deen nei gegrënnte Comité éthique zum Beispill, dee bei RTL Group geschafe gouf an eng eege Kontroll garantéiere soll, och an der Konventioun ageschriwwen. E kann also och net esou einfach ofgeschaaft ginn.

Dernieft hu mer als Stat an Zukunft awer net nëmmen e Commissaire au Gouvernement, wéi dat am Moment de Fall ass, deen d'Anhale vun dëser Konventioun justement och iwwerwaacht, mä an Zukunft soll et och eng eege Kommissioun ginn, déi dat sécherstellt. Mir hunn also mat der CLT ofgemaach, dass eng Commission de suivi de la convention gegrënnt gëtt, déi zwou Haaptaufgaben huet, näämlech engersäits ze kucken, dass de Programm, wéi en opgestallt ass, och den Ufuerderunge gerecht gëtt, déi an der Konventioun beschriwwe sinn, an zweetens och géigenzepréiwen, dass dat, wat souzesoe fakturéiert gëtt, och dat ass, wat tatsächlech d'Käschten och sinn.

D'Regierung wäert sech ganz bestëmmt net an de Contenu vun de Programmer wëllen amëschen, an och fir Plaintë si mir net zoustänneg, well notamment d'ALIA déi Responsabilitéit och huet.

Allerdéngs soll séchergestallt sinn, dass eng Televisioun mat engem ëffentlech-rechtlechen Optrag Qualitéitsstandarden an der grondsätzlecher Ausriichtung och respektéiert. Dozou gehéieren och déi eenzel Emissiounen, déi an der Woch diffuséiert ginn. Hei ass déi nei Konventioun och méi präzis a mir hunn och e Minimum Plagen dragesat mat präzise Beschreiwunge justement vun deem, wat muss garantéiert ginn. Dozou gehéiert zum Beispill, dass et muss Emissioune gi mat engem educative Charakter oder och zum Beispill kulturell Emissiounen.

Mir hu mat RTL eng extra zousätzlech finanziell Marge och nach virgesinn, mä déi ka just genotzt ginn, wann et drëms geet, fir d'Qualitéit och ze verbesseren, an zwar och just duerfir.

Apropos Finanzen, dozou kann ech och déi Explikatioune ginn: De Stat gëtt kee Blankoscheck an deem heiten Dossier an et gëtt och kee Budget annuel fir RTL. Et fonctionnéiert deen anere Wee. Opgrond vun deem, wat mer vun eise Finanzexperten un Informatiounen hunn, kann ee soen, dass d'Käschte fir d'Televisioune sech bis 2021 wäerten op 23,2 Milliounen Euro chiffréieren, an duerno klamme se op ronn 24 Milliounen och erop. Dat sinn empiresch Donnéeën. Mä mir hunn RTL iwwerzeegt, dass si als Grupp och weider nach eng Géigeleeschtung an de Programm sollen investéieren, well de Wäert vun de Frequenzen erofgeet, awer net op null. Et ginn also fënnef Milliounen Euro pro Joer och vun RTL an de Programm investéiert.

Et kann ee mat Recettë vun esou ongefëier 8,6 Milliounen Euro rechnen am Joer 2021. An da bleiwen nach ronn 9,6 Milliounen Euro Käschten, déi misste vum Stat gedeckt ginn. De Modell, dee mer ausgehandelt hunn, gesäit vir, dass justement de Stat hei eng Garantie maximale gëtt. Dat heescht, wéi ech virdru gesot hunn, et gëtt net e Scheck, et gëtt kee Budget, mä et gëtt eng Garantie maximale. Also et kann net erausgoen iwwert dat, wat hei fixéiert ginn ass. An et bleift bis 2023 egal wéi op jidde Fall manner wéi zéng Millioune pro Joer. Bezuelt gëtt dann net am Virfeld an och net als integral Enveloppe, mä eréischt no Ofschloss vun de Konten no engem internen Audit vun hirer Säit an engem externen Audit vun eiser Säit. Au fait bezilt de Stat just dat, wat effektiv u Mission publique och realiséiert gëtt, just dat!

De Finanzement vum Stat däerf och just exklusiv fir d'Tëlee genotzt ginn an net fir aner Produiten ënnert dem Daach vun RTL. De Consultant, deen eis wärend der Verhandlung zur Säit stoung, huet do och eng ganz Rei vu Mechanisme virgeschloen an déi sinn och ugeholl ginn, fir dat och kënnen ze berechnen. Sou gëtt beispillsweis auditéiert, wivill Leit tatsächlech fir d'Produktioun vun Tëleesemissioune schaffen. An déi Käschte ginn dann och fakturéiert. Wann dann do och Elementer dra sinn, déi vun Internet genotzt ginn oder vum Radio zum Beispill genotzt ginn, da muss dat och eenzel ofgerechent ginn. Datselwecht gëllt fir technesch Equipementer.

Dann nach e Wuert zu engem Element, wat mir och um Häerz läit, quitte dass et an deem ganze Kontrakt hei keng ganz grouss Roll spillt, mä et ass fir mech eppes ganz, ganz Wichteges. Mir hunn och mat RTL ofgemaach, dass an Zukunft alles soll gemaach ginn, fir eng Iwwersetzung an Zeechesprooch ze erméiglechen, sief et, dass d'Neiegkeeten um Internet oder an der Rediff och mat enger Zeechesprooch ze gesi sinn, sief et och, dass eenzel Emissiounen iwwersat ginn. Och de Sous-titrage an de Resumé op Franséisch vun den Noriichte schéngt eis e wichtege Facteur ze sinn am Sënn vun der Inklusioun a vun der Integratioun.

An e lescht Wuert, Här President, géif ech nach soen zu deem, wat an dëser Konventioun net steet, wat awer och an dësem Kontext wichteg ass. Eise Partner ass e Mediegrupp, e Mediegrupp, deen zu Lëtzebuerg gehéiert an och eng laang Traditioun hei am Land huet. Et schaffen haut iwwer 550 Leit an deem Gebai um Kierchbierg an déi plënneren elo geschwënn an e fonkelneit, modernt Gebai just niewendrun. Et kann ee sech scho freeën, dass de Siège vun esou engem bedeitende Mediegrupp, internationale Mediegrupp hei am Land ass an och weider wäert bleiwen!

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statsminister. Den Här Eugène Berger huet d'Wuert fir eng Präzisioun.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Ech schwätzen hei och am Numm vum Fraktiounschef vun der LSAP, dem Alex Bodry, an awer och de Claude Wiseler ass zwar dûment entschëllegt, mä hien hat dat awer och schonn am Virfeld präziséiert: Mir wäerten, vu datt mer allen dräi Member sinn am Conseil d'administration vun der CLT-UFA, hei nëmme passiv un deem Debat, also net aktiv un deem Debat deelhuelen. Wann herno eventuell e Vott wier - ech hat héieren, et kéint eventuell eng Motioun kommen -, da wäerte mer och net do matstëmmen, aus dem Sall goen an och froen, datt kee fir eis par procuration matstëmmt. A wéi gesot, de Claude Wiseler ass dûment entschëllegt, mä och fir hien also d'Demande, datt kee fir hie par procuration matstëmmt.

Ech wollt dat awer am Numm vun deenen dräi Concernéierten hei präziséieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Berger. Et ass notéiert. A mir géifen dann zur Diskussioun iwwergoen. Als Eischt huet d'Wuert d'Madamm Diane Adehm fir d'CSV.

Débat

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Dënschdeg den Owend hu mir d'Dokumenter kritt, iwwert déi mir haut diskutéieren. De Medien- a Kommunikatiounsminister huet elo grad nach eng Kéier d'Detailer vun der Konventioun erkläert, déi soll tëschent der CLT-UFA, dem RTL Group an der Lëtzebuerger Regierung ënnerschriwwe ginn. Mir begréissen als CSV-Fraktioun, dass mir dës Dokumenter am Virfeld kritt hunn. Mir ginn dovunner aus, dass, wann et sollt an dësem Dossier nei Momenter ginn, d'Chamber dann och déi nei Dokumenter wäert zur Verfügung gestallt kréien.

Fir eis stelle sech awer verschidde Froen am Zesummenhang vun dëser Konventioun...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, Kolleegen!

Mme Diane Adehm *(CSV).*- ...respektiv hu mir verschidde Bemierkungen ze maachen.

Éischte Punkt: Wéi de Medieminister et elo just gesot huet, stelle mir fest, dass dës Konventioun zwee Voleten huet. Et gëtt ee Kapitel iwwert de Fernseh an et gëtt e relativ kuerzt Kapitel iwwert de Radio. Laut dësem Kapitel soll d'CLT-UFA grad wéi an der Vergaangenheet Frequenzen zur Verfügung gestallt kréie respektiv eng Autorisatioun kréien, fir e Radioprogramm a Lëtzebuerger Sprooch ze maachen. Am Géigenzoch soll d'CLT-UFA weiderhin en deegleche Radioprogramm gréisstendeels op Lëtzebuergesch produzéieren an och senden. Dëse Programm soll dann och verschidden Aspekter vum Service public ofdecken.

An der Vergaangenheet huet RTL Radio a Lëtzebuerger Sprooch schonn ëmmer dës Mission de service public gehat. Mat dëser Konventioun ännert sech also näischt dorunner. Et ass awer fir eis wichteg, drop hinzeweisen, dass ausser der Bereetstellung vun de Frequenzen